**Projet de Loi N°6387: Reform vum Pensiounssystem**

**Ried Martine Mergen**

Här President, Dir Damen an Dir Hären,

Als alleréischt wiélt ech der Rapportrice Merci soen fir hiren ausfeierlechen schrëftlechen an méndlechen Rapport.

Wann ee vu Pensiounen schwätzt, denkt een un d'**RENTEMAUER** - Säit 1995 huet d'CSV an virun allem de Jean-Claude Juncker ëmmer erëm op den Szenario higewisen, deen am Pensiounswiesen géif antrieden wann mir nët reagéieren.

Oft a laang ass een matt esou Aussoen belächelt gin. D'Reserven waren heich, a sin dat och am Moment nach, virwaat soll een also vun esou eppes onsympatheschem wéi engem Renteproblem schwätzen?

Et gin awer Zuelen déi eendeiteg sin, an d'Madame Mutsch huet dat meescht genannt, ech well der awer trotzdem nach eemol e puer ervirhiewen.

D'Frae gin haut an der Moyenne méi wéi 83 Joër aal, d'Männer kreien der iwer 78! Den Här Gesondheetsminister huet kirzlech e Programm virgestallt, dass d'Letzebuerger mat der Hellef vun der personaliseierter Medezin nach mei aal sollte ginn.

Wann een dann wees, datt den Antrëttsalter an d’Pensioun an der Moyenne bei 59 Joër läit, obwuel de legalen Pensiounsalter 65 Joër ass, da gesäit een och séier wou d’Kromm an der Heck läit! Den eischte grousse Probleem vun onsem Rentesystem ass demno ons Demographie.

De Coefficient de Charge, also d’Zuel vu Pensionéierten déi op 100 Aktiver kommen, dee wéinst onser aussergewéinlecher Aarbechtsmaartsituatioun zenter 2000 kontinuierlech erofgaang ass, geet elo zenter 2008 erem an d'Luut: an dräi Joër si mer vun 38,6 op 39,9 geklommen, daat heescht datt et fir ee Pensionéierten am Joer 2008 nach 2,6 Aktiver gouf, an 2010 nemme méi 2,5 Aktiver. Wann déi Evolutioun unhällt gett et am Joër 2020 nach 2 Aktiver pro Pensionnéierten an am Joer 2040 ass d'Verhältnes 1 zu 1! Dat wir eng immens Lascht, mat daer mir ons Kanner an Enkelkanner net wëlle belaaschten.

D'Prävisioune vun der IGSS, dei als Basis gedengt hun fir des Reform, tabléieren op engem coefficient de charge vun 60, daat heescht datt pro Pensionnéierten am Joer 2040 nach sollen 1,7 Aktiver iwreg bleiwen, daat awer enner deenen relativ optimisteschen ekonomeschen Hypothesen enner deenen déi Projektiounen opgestallt goufen.

Et gin awer nach weider Chifferen déi onse Probleem verdäitlechen:

D’Stiftung Marktwirtschaft, Forschungszentrum “Generationenverträge” vun der Albert-Ludwigs-Universität Freiburg huet an enger Etude iwert d’öffentlech Finanzen vun den EU-Länner interessant Donnéen rausginn:

2010 huet Lëtzebuerg 20% Leit iwer 65, bis 2060 wäert dësen Undeel laut deser Etude op 45% klammen.

Dir kënt iech bestëmmt nach all drun erënneren wéi déi d’Chiffren virun e puer Méint an de Medien waren. D’Etude ass och ëmstridden, mais ech wëll se trotzdem nennen, well se awer sécherlech op e puer Wourechten hiweist.

Notamment mect sie däitlech datt zu Lëtzebuerg, wéi iwregends och an quasi all eisen Noopeschlänner, ma besonnesch hei bei ons, d’Renten deen Posten ass, deen d’Käschten vun de Staaten am meeschten an d’Luut wärt dreiwen.
Et sief drun erënnert datt eng aner Retsch Etude'en zur "dette cachée" och an eng ähnlech Richtung gaang ass.

Mat onsem Rentesystem si mer europaweit an der eenzegarteger Situatioun, dass bei ons den Aarmutsrisiko am Alter erofgeet. Nemme 5% vun onsen eelere Matbierger sin dem Aarmutsrisiko ausgesaat, par rapport zu 13% an der Gesamtpopulatioun, an 20% vun de Kanner. Och des Zuele weisen, wéi generéis onse Pensiounssystem ass!

Här President,
Kolleginnen a Kollegen,

D'Ziffere si bekannt a bekannt bedréilech, wat welle mer dogengt ennerhuele mat desem Projet? Et muss ee schon komplett blann sinn oder vill schlechte Wëllen weisen, fir ons Rentesituatioun als secher ze bezeechnen, a neischt um System wellen ze änneren

17 Joër noo dem Ufank vun den Diskussiounen ëm d'Rentemauer, hu mir d'Reform schlussendlech um Dësch leien, déi Reform, déi wellt verhenneren,  datt onsen Generatiounenvertrag implodéiert.

Onse Versécherungssystem bleiwt no der Reform nach emmer dee Selwechten- wat d'CSV ausdrécklech begréisst, mir bleiwen am Bismarckschen Emlagerungsverfahren.
Déi grouss Prinzipien ginn also an dëser Reform nët a Froo gestallt, mais et gouf un enger Reih vu Schrauwen gedréiht, wei de Minister sech gären ausdreckt.

Dëst ass e wichtegen Schrëtt an déi richteg Richtung, mais geet dat och duer? Ma dorop kommen ech spéider nach emol zréck.

Et ass schons gesoot gin datt mir elo nët un onsem legalen Pensiounsalter fréckeln, dat ass och onser Meenung no gut a richte. Deen ass a bleiwt bei 65 Joër.
Onse wirkleche Probleem besteet jo awer doran, datt d'Leit an der Moyenne 6 Joër méi fréih, also matt 59 Joër hir Pensioun antrieden.

Ee grousst Ziel vun desem Gesetz ass et folglech, de Leit en Uräitz ze gin, méi laang ze schaffen.

Et war ausdrecklech de Wëllen vun der Koalitioun de Leit näischt ze imposéieren, mais hinnen de Choix ze loossen, ze wielen wéini se hier Pensioun wëllen huelen.

Praktesch gesäit daat esou aus, datt een deen haut ufänkt matt schaffen och kann wéi haut no 40 Versecsjherungsjooren an d'Pensioun goen, mais dann awer eppes manner Rent kritt wéi eng Persoun déi ee Liewen laang am jetzege System war.

Et ass dann un all Concernéierten, selwer ze wielen, op him seng Pensioun duergeet oder ob en weider schafft bis en op deem Taux vun haut wier, waat 2 bis 3 Joër weider Schaffen ka bedeiten.

Et gët also probéiert déi effektif Schaffzäit vun den Aktiven méi noo un de legalen Pensiounsalter erunzebréngen, an vleicht fannen sech jo och e puer méi Kandidaten, déi léiwer nach méi laang schaffen, an domat hellefen, d'Moyenne vum Pensiounsuntrettsalter an d'Luut ze dreiwen.

Dës Neierung gët doduerch erreecht, datt den Taux de Majoration proportionnelle progressiv vun 1,85% am Joër 2013 op 1,60% am Joër 2052 eroofgesaat gët, daat heescht präzis datt am Joër 2052 d'Majorations proportionnelles em ronn 13,5% méi niddreg sinn wéi 2013 .

D’Erofsetzen vum Taux de majoration proportionnelle gëtt duerch déi geplangten Hausse vum Taux vun den majorations forfaitaires vun 23,5% am Joer 2013 op 28% am Joer 2052 e bëssen ofgefiedert Dest féiert dozou, datt d’Baisse vum Taux de majoration proportionnelle sech net wäert bemierkmar machen bäi denen kléngen Pensiounen.:

Léit mat engem niddregen Akommes wäerten weiderhin eng korrekt Pensioun kréien, wëll d’Grondrente wäert mam Gesetz klammen. Léit ouni Qualifikatioun, déi hirt Liewen laang haart kierperlech hu missen schafffen fir hieren Liewenënnerhalt ze garantéieren, wäerten no der Reform eng anstänneg Pensioun bezéihen. Onse Pensiounssystem behält domatter sei soziale Charakter.

Fir de Leit awer elo wiirklech och de Choix ze gin, op si wellen mi laang schaffe goen, oder net, missten awer onbedengt Effort'e am Kader vun de Reclassementsprozeduren gemaach gin. Kee sollt aus gesondheetlechen Ursaachen gezwonge gin éischter a Pensioun ze goen.

D’CSV Fraktioun wellt ennerstreichen, datt d’Reform vum Reclassement professionnel sollt sou seier wei meiglech a Musik engesaat ginn, an dese Projet ass onsen Informatioune no, wann net mei fir dest Joer, dann awer fir den Ufank vum nächste Joer prett.

An mengem nächste Punkt geet et momentan virun allem nach em ons Fraen:

D’assurance volontaire gett sou emstruktureiert, datt Fraen, oder eben Männer, dei hire Beruff fir eng Zeit op Eis léen, fir sech op d’Erzeiung vun hire Kanner ze konzentreieren, fir 100 Euros de Mount kennen hir Versecherungskarriere weiderfeieren.

Dat ass eng graveierend Aennerung, well bis elo de Minimalbetrag em dei 300 Euros louch, an dat ass fir eng Familjen mat Kanner, dei net richteg vill verdengt, vill Geld, an et ass doduerch bei de Fraen oft zu Lacunen an hirer Karriere komm.

Des Meiglechkeet gett op 5 Joer beschränkt well et soss kennt, wéi d’Kommissioun festgestallt hat, zu massiven Abuse kommen, et geet jo och hei net drem, sengen Hänn eiweg Rou ze verspriechen, ma villmei, dass ons Fraen hire Beruff rem kennen a sollten ophuelen, ouni zevill laang eraus gewiescht ze sinn

Et sief ënnerstrach, datt dës Mesure bei déi bestehend Dispositiounen spriéch  Babyjooren an Erzéihungsjooren dobäi kënt.

D’CSV ënnerstetzt dës Mesure ausdrecklech, well se een wichtege Schrëtt ass a Richtung vun enger kompletter Carrière fir jiddereen, a besonnesch fir d'Fraen, well et sie jo nach emmer meeschtens sie, déi hir Berufscarrière ennerbriechen fir sech em d'Famill ze kemmeren.

Hei ass awer nach vill Informatiouns- a Sensibiliséierungsbedarf, fir all Assurée, also mat stommem “E”, ze responsabiliséieren an sie ze inciteieren hir eege Carrière opzebauen.

Här President,
Dir Damen an Dir Hären,

Datt dës Reform ee Schrett op dem richtege Wée ass , hun ech iech elo unhand vun deenen puer Aspekter déi ech erfirgehuewen hun, däitlech gemaach.

Et wärten awer an Zukunft nach wieder Schrett misse nokommen, datt mir nët awer weider virun a Richtung Rentemauer steieren. Well souguer mat deem waat elo a Richtung finanziell Ofsécherung soll an d'Wée geleet gin, stellt d'IGSS fest datt den taux de cotisation an der Géigend vum Joër 2030 iwer 30% klemmt!!!!!

Dat wëlle mir net fir déi Generatiounen, déi no ons kommen!

Mat dem neie System missten d’Assuréen ronn 3 Joër méi laang schaffen fir op deeselwechten Montant Pensioun ze kommen, dén si am aale System kritt hätten. Wann een awer gläichzäiteg weess, datt d’Liewenserwaardung vun enger Persoun an der Pensioun ëm 6 Joër geklommen ass, da muss ee kee groussen Mathematiker sin fir ze gesinn datt do nach e Lach, also eng Lacune vun 3 Joër besteet!

A wann déi Allermeescht lo net motivéiert gin fir 3 Joër mei laang ze schaffen, dann ass de Gap rem séier op 6 Joer , oder awer iirgendwou teschent 3 a 6 Joër.

Mir wärten also net dolanscht kommen, an Zukunft nozebesseren, ze komplétéieren, wann mir wëllen onsen System nohalteg ofsécheren-Wa mer onse Kanner a Kanneskanner an onsem Land wellen eng aner Perspektiv ginn, wei dei, en enormen Deel vun hirem Verdengscht missen opzebrengen, fir dei eeler Generatioun ze erhaalen. An daat wëlle mir, daat wëllt d'CSV!

Här President,
Dir Dammen an Dir Hären,

D'Ausschaffe vun deser Reform huet vill Zeit a Virbereedung gefuerdert. Während deser Zeit huet sech wirtschaftlech an onsem Land allerhand gedoen, an dat net zum Beschten! D'Berechnungen fir de Projet baséieren op enger Croissance économique vun 3% am Joor, an engem Wuesstum vun der Beschäftigung vun 1,5% am Joor .

Mir wëssen haut, datt mir nët méi vun sou optimisteschen Zuelen kënen ausgoen, sou datt mir eigentlech schon haut wëssen, datt mir nët dee gewënschten an néidegen Effekt wäerten erzielen matt deser Reform eleng.

Mir mussen ons folglech séier Gedanken maachen, wéi mir ons op déi gewënschten Trajectoire bewegen. Soss packen mir d'Ziel vun enger substantieller Käschtereduzéierung vun onsem Rentesystem um Horizont 2060 nët!

Mir mussen ons demno d'Fro stellen, ob mer net hätte sollen den Taux de Majoration proportionnelle mei seier erofsetzen, wei dat lo virgesinn ass? Sou wei dat lo soll funktionneieren, gin Erspuernisser ereischt no 40 Joer spierbar.

Eng Méiglechkeet wir also gewiescht, déi Baisse iwer 20 Joer anstatt 40 Joer ze échelonneieren.

Eng aner Meiglechkeet wir déi, den Taux bis op 1,48 anstatt wéi virgesinn 1,60 % erofzesetzen.

Musse mer ons net iwwerhaapt d'Fro stellen, nämlech, souweit d'Pensiounen indexeiert sinn, ob desen Taux iwerhaapt méiglech ass. Hien ass gebonnen un d'Entwecklung vum Emploi.....lo stellt iech vir, dass bei Null-Wuesstum, oder suguer bei enger Baisse vum Emploi trotzdem d'Masse salariale mat den Karrieren an aner Automatismen an d'Luucht geet? Ech well dei Froo hei mol am Raum stoe loossen...

Kolleginnen a Kollegen,

Eng aner Massnahm vun der Reform ass dei, den Iwergang vum aktive Liewen an d'Pensioun ze erlichteren.

Bis elo huet een seng virgezunnen Pensioun geholl an et konnt doniewt nach bis 1/3 vum aktuelle Mindestloun dobeiverdengen, driwer ass d'Pensioun dann em d'Halschecht gekierzt ginn.

No der Reform kann een eng virgezunne Pensioun matt engem Salaire cumuléieren bis zur Héicht vun der Moyenne vun de 5 höchsten Salairen déi an der Versécherungscarrière agedroe sin.

Dëst ass ze begréissen, well doduerch dese Persounen hir Erfahrung der Aarbechtswelt weider erhaale bleiwt.

Trotzdem kann een sech d'Froo stellen ob een de System nët nach vereinfachen könnt andeems een einfach institutionaliséiert Hallefrenten géif aféieren. Da geif een just eben eng hallef Pensioun ufroen, an déi aaner Halschent aktiv bleiwen.

Wir dat net méi einfach?

Här President,

Nach ee leschte Punkt deen der CSV Fraktioun besonnesch um Härz leit: dass all Assuré, an dat betrefft besonnesch d'Fraen, emstand sollt sinn, sech eng eegen Assurance-Karriere op ze bauen.

Sollt een net d'Iddi vun den Zeitkonten erem opliewe loosen? Domat wir et meiglech Iwwerstonen op enger Zort Extrakont ze verbuchen, an déi dann benotzen, fir Lacunen an der Karriere ze stoppen, dei durch Kannerbetreiungszeiten enstanen sinn, also zousätzlech zu den Baby-Joeren, den Erzeiungszeiten an der assurance continuée.

Vleicht misste mer am Kader vun der (eiweger) Diskussioun iwer d'Individualiséierung vun de Carrièren och nach eemol d'Iwerliewensrenten op de Leescht huelen. Well déi meescht Fraen haut op mannst zum Deel eng eege Pensiounscarrière opgebaut hun, erfëllen dës Iwerliewensrenten hiren Zweck nët méi onbedéngt.

Wat fréier wichteg a richteg war fir datt Fraaen a Familjen net noom Doud vum Mann, deen eleng geschafft huet, matt eidelen Hänn do stoungen, féiert haut deels zu enger Iwerversécherung.

Oofschléissen well ech mat den Automatismen, dei an der Reform leien, fir dee Fall, dass bei de Cotisatiounen d'Ausgaben méi héich sin wéi d'Recetten.

Ech hat scho gesoot, dass een d'Koppelung vum Ajustement un den Emloi misst verfollegen, well fir de Fall vu Stagnatioun oder Reckgang vum Emploi d'Masse salariale trotzdem, op manst nach fir eng Zeit durch Karrieren an Altersstruktur erop geet, dass also d'Masse salariale gegebenenfalls net dee richtegen Indicateur ass, wann en em d'Produktiviteit geet.

Besonnesch an Zäiten wou d'Finanzéierung vum Pensiounssytem op der Kipp steet, musse mer oppassen datt et net eng Eegendynamik am System get, déi mecht datt d'Ausgabe klammen ouni datt um Terrain effektiv ee méi u Produktivitéit géif festgestallt gin.

All des kritesch Remarquen, dei ech hei gemaat hun, wärten d'CSV Fraktioun net dovun ofhaalen, dest Gesetz matzestemmen. Et ass en eischte Schrett um richtege Wee,